

Sommaire

1. 5941 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie 2007
5839 - Projet de loi modifiant
1. la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension;
2. le Code de la Sécurité sociale;
3. la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État;
4. la loi modifiée du 27 août 1977 concernant le statut des fonctionnaires entrés au service d'Institutions internationales;
5. la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;
6. la loi du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg
- *Discussion générale (suite): M. Alexandre Krieps, M. Gast Gibéryen, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale (répond à M. François Bausch, M. Félix Braz, M. Carlo Wagner)*
- *Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*
2. 5859 - Projet de loi portant modification
1. de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;
2. de la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national
- *Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire: M. Marco Schank*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Fernand Etgen, M. Jean-Pierre Klein, M. Camille Gira, M. Gast Gibéryen, M. Aly Jaerling, M. Ben Fayot, M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés des propositions de loi N°s 5575 et 5669*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Mars Di Bartolomeo et Jean-Marie Halsdorf, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber Matdeelungen ze maachen?

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Neen, Här President.

» M. le Président.- Dann huele mer Akt dervun, dass d'Regierung näischt matzedeele huet.

Dir Dammen an Dir Hären, mir fueren elo weider mat der Diskussioun, déi mer haut de Moien ugefaangen hunn iwwert d'Renten an d'Pensiounen. Et sinn nach zwee Riedner ageschriwwen: den honorabelen Här Krieps an den honorabelen Här Gibéryen. Duerno kënnt d'Regierung. Fir d'éischt huet elo den honorabelen Här Krieps d'Wuert. Ech géif op alle Bänken ëm Opmierksamkeet fir den Här Krieps bieden.

1. 5941 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie 2007

5839 - Projet de loi modifiant

1. la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension;
2. le Code de la Sécurité sociale;
3. la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État;
4. la loi modifiée du 27 août 1977 concernant le statut des fonctionnaires entrés au service d'Institutions internationales;

5. la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;

6. la loi du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg (suite)

Discussion générale (suite)

» M. Alexandre Krieps (DP).- Merci, Här President. Dat ass ganz gentil vun Iech. Et deet mer och leed, dass ech de Moien Är Aarbechten opgehalen hunn, mä ech hu misse professionell e puer Bénéficiairë vum Pensionsajustement betrieen, dofir. An déi si ganz frou, dass se elo an dee Genoss kommen.

(Interruption)

Dat sot Dir herno, Här Gibéryen.

2001: 3,1%. 2003: 3,5%.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Elo d'nächst Joer 2%. Et war, wéi mäi Virriedner hei scho gesot hunn, viru Joren eng politesch Décisioun vun der Regierung, firdeen Ajustement ze maachen. Et ass keen Automatismus. An Zäiten natierlech, wou d'Inflatioun an deene Bemoossungsjoren 2006 a '07 iwwer 3% louch, muss een der-vun ausgoen, dass dat hei awer schonn e bëssen de Konjunkturabroch zrëckspigelt.

De Moien ass hei geschwat gi vu Rente-mauer, Rentessplitting. Ech huelen zu deene Problemer haut keng Stellung an doudsécher keng Stellung bis d'Regierung d'Synthes vun deenen Aarbechtsgruppe mécht, déi momentan am Donkelen iergendwéi un deenen Dossiere schaffen. Ech wär och ganz frou, wann déi Pabeiere virun den

nächste Wahle kéimen, dass d'Leit sech kënnen determinéieren en fonction vun deene Synthesen. An haaptsächlech, Här Minister, wär ech frou, wann d'Chamber agebonne géif ginn an déi doten Diskussiounen, an dass dat net ëmmer ausserhalb geet.

Mir hate jo beim leschte Rentenajustement de Fractionnement op zwee Joer erlieft. Dat éischt Joer 2007 am Juli ëm 1%, an dëst Joer am Juli ëm 0,9%. Et kann een net richtig hei vun 13 Méint schwätzen, den 13. Mount, wéi ech dat gëschter héieren hunn. Erënnere mer jo nach eng Kéier drun, dass déi heite Regierung huet missen 2006 an den Tripartitesbeschlëss de Bierger 490 Milliounen aus der Täsch huelen. Elo kritt dann d'nächst Joer de Bierger 646 Milliounen erëm. Dat hunn ech elo gelies. Ech weess net, ob dat en 13. Mount ass. Mä d'DP mengt, dass dës Upassung ganz justifiéiert ass; speziell elo.

Mir soen och dem Romain Schneider als Rapporteur Merci fir säin extensive Bericht, an haaptsächlech och fir säin héijen Interesse un dëser Problematik. Dir hutt jo d'Zuele gesinn: 5,17 Milliounen Euro fir d'Privatbeamten, 2,6 fir d'Rentes agricoles accident an 8,4 fir d'Fonctionnaires. Dat ass also schonn eng gewëssen Zomm.

Interessant war natierlech och, dass bei der Caisse de pension vun de Rentes agricoles vun den Accidenter den Deel vum Stat ewechfält an ausschliesslech op d'Pensionskeese verlagert gëtt. Dat ass also en neie Moment, genau wéi do och de Ministère vun der Agriculture verschidde Renten iwwerhélt. Dat ass och vläicht eng Kéier eng Iwwerleeung wäert.

Zu den Avisë vun de Chambres professionnelles wollt ech just een erauspicken. Dat ass dee vun der Chambre de Travail, déi éiweg an hire Fuerderungen drun erënnere, dass dat misst all Joer ajustéiert ginn, amplaz all zwee Joer. Dann hu se natierlech eng Fuerderung, mat där ech perséinlech a meng Partei bestëmmt guer net averstane sinn. Dat ass, dass deen Ajustement soll iwwert d'Voie réglementaire gemaach ginn an net iwwer e Gesetz. Do si mir total géint d'Voie réglementaire. Wann esou Zommen am Spill sinn, gleewen ech, muss d'Chamber hei ëmmer gefrot ginn.

Dat gesot, hoffen ech, dass déi nächst Ajustementer an därselwechter Héicht leie wéi déi heiten. Mä Dir wësst jo all, d'Zäite gi méi schwéier.

Ech soen Iech villmools Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Krieps. Den honorabelen Här Gibéryen huet d'Wuert.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit e Merci un de Kolleeg Romain Schneider fir säi Rapport, deen hien hei zu dësen zwee Projets de loi gemaach huet.

De Projet 5941, dat ass deen, deen elo momentan diskutéiert gëtt iwwert den Ajustement vun de Pensiounen an den Unfallrenten. All zwee Joer maache mer deen Exercice hei opgrond vum Artikel 225 vum Code vun der Sécurité sociale. Et ass am Fong net direkt eng Obligatioun, mä et ass eng Obligatioun, datt d'Regierung ee Rapport virleet. Opgrond vun deem Rapport gëtt dann d'Décisioun geholl, ob den Ajustement praktikéiert gëtt oder net.

Et ass esou wéi an aneren Domänen en Usus, datt den Ajustement ëmmer gemaach gëtt. Esou datt mer all zwee Joer deen Exercice hei maachen. Ech fannen et ass och gutt, datt mer deen Exercice heibanne maachen an och heibanne loossen, well mer engersäits awer ëmmer eng Rei vun aktuelle Sujete mat an déi Debatt erabrëngen an och, wéi mäi Virriedner elo grad gesot huet, et eng Saach ass, déi jo awer important Zomme souwuel fir d'Pensionskeese vum Privatsecteur wéi fir de Statsbudget, fir den öffentliche Sektour, beinhaltet.

De Prinzip ass also, datt mer all zwee Joer deen Exercice hei maachen, fir datt d'Pensiounen da fristgerecht zum 1. Januar duerno kënnen déi Augmentatioun kréien. Mir hu just eng Kéier eng Ausnahm gemaach. Dat war virun zwee Joer d'Gesetz vum 22. Dezember 2006, wou mer opgrond vun den Tripartitesaccorden deen Ajustement, dee fir den 1. Januar 2007 an der Héicht vun 1,9% geschëllt war, fractionnéiert hunn. 1%

hu mer den 1. Juli 2007 an 0,9% den 1. Juli 2008 bezuelt.

Hei hunn am Fong d'Pensionären och e Retard kritt vun hirem Ajustement vun engem hallwe respektiv annerhallwem Joer, wou mer der Meinung sinn - a mer waren och duerfir deemools dergéint -, datt dat net richtig war. Et ass deemools d'Diskussioun gewiescht, datt et wier, fir d'Finanze vum Statsbudget an den Equiliber ze bréngen. Mir wëssen awer, datt de Gros vum Ajustement, virun allem wat de Privatsecteur ubelaangt, vun de Pensionskeesen aus dem Privatsecteur bezuelt gëtt an et duerfir net eng direkt Répercussioun op de Statsbudget huet. Mat Ausnahm vun dem Ajustement, deen d'Pensiounen aus der Fonction publique betrëfft.

Elo, duerch dësen Ajustement, ginn d'Pensiounen an d'Unfallrenten den 1. Januar 2009 ëm 2% an d'Luucht. Mir hu vum 1. Januar 1999 un en eenheetlechen Ajustement fir de privaten an den öffentliche Sektour. Esou ass et och logesch - an dat war scho virun -, fir d'Evolution vun der Lounmass ze kucken, déi den Ajustement definéiert, datt do d'Lounevolution souwuel aus dem private wéi dem öffentliche Sektour berücksichtegt gëtt, fir dann eben de Faktor ze definéieren, laut deem de Rentenajustement ass.

Dat heiten ass also en eenheetlechen Ajustement fir de privaten an den öffentliche Sektour, wou d'Pensiounen an d'Rente vum 1. Januar un ëm 2% an d'Luucht ginn.

De Käschtepunkt ass hei ernimmt ginn: 51 Milliounen fir d'Pensionskeesen aus dem Privatsecteur, 2,6 Milliounen fir d'Unfallrenten an 8,4 Milliounen fir de Statsbudget, wat déi Part ass, déi d'Fonction-publique-s-Pensionären ubelaangt.

Här President, et gëtt ëmmer iwwert d'Reserve geschwat. Mir hunn am Privatsecteur - an do deelen ech d'Meenung vum zustännege Minister - gutt Reserve mat 9 Milliarden am Ablack, déi am Prinzip ëm 7,8 Milliounen d'Joer klammen. Quitte datt dat Transferte sinn, déi vum Statsbudget eriewerkommen, well de Stat ebe mat engem Drëttel bei de Cotisatioune participéiert. Mä et ass eben esou, wéi mer eise Pensions-system laangfristeg opgebaut hunn, datt mer e staark fiskaliséiert hunn, fir eben op déi dräimol aacht Prozent ze kommen an doduerch eben och kënnen Reserven unzeleeën, fir kënnen laangfristeg d'Pensiounen ofzesécheren.

Déi Reserven do spigelen 3,5-mol d'Joresdépensen erëm. Dat ass enorm. Am internationale Verglach weess ech net, ob et e Land gëtt, wat nach e bessere Pensions-system huet. Wa mer eis Nopeschlänner hei direkt ronderëm kucken, déi schwätzen net vu Joren, déi schwätzen emol net vu Méint. Déi schwätze vu Wochen an heiansdo souguer nëmme vun Deeg, déi hir Reserven aushalen.

De Minister huet an der Finanzkommissioun, wéi mer de Volet Sécurité sociale diskutéiert hunn, am Fong eppes gesot, wat richtig ass, wou se gesot hunn, datt an 20 Joer eis Reserve kéinten op en Enn goen, an da wiere mer am Prinzip an 20 Joer do, wou eis Nopeschlänner haut scho sinn. Et ass keen Zil fir dohinne ze kommen, mä et ass awer eng Realitéit, datt mer Rechnungen opstellen, wou mer eventuell kéinten an 20 Joer hinkommen, wou eis Nopeschlänner haut scho sinn. Ech ginn nach méi op déi Reserven do an.

Wichtig ass awer, mengen ech, datt mer un deem Emlageverfahren, wat mer hei hunn, festhalen. Gläichzäiteg muss een awer soen, hu mer zu engem gewëssen Deel elo schonn e Kapitaldeckungsverfahren, eben duerch déi grouss Reserven, déi mer hunn, wou mer 3,5-mol d'Joresdépensen ofdecken. Do hu mer also och Gelder, déi mer investéieren, déi mer placéieren. De gréissten Deel vun deene Suen, déi mer hunn, si placéiert.

Mir hunn och festgestallt, datt an deem neie System, wou se placéiert gi sinn - mir hunn et d'lescht Woch beim Budget gesot -, am Fong de Rendement elo méi héich ass vis-à-vis vun deem Placement vu virun, wéi et soss de Fall war. Esou datt mer also iwwert dee Wee och eis Reserve kënnen weider opstocken, an datt mer duerfir en Emlagever-

fahren hunn, wat zu engem gewëssenen Deel och schonn e Kapitaldeckungsverfahren ass.

Ech wëll awer hei och ganz kloer soen, datt, soubal et e bësse kriselt, direkt gesot gëtt: Elo sinn eis Pensiounen net méi sécher! D'Pensioun sinn hei am Land esou sécher wéi néierens aneschtens an engem Land. Wa mer zrëckkucken, a wann dat sollt stëmmen, wat de Bureau international du travail eis virun enger Rei vu Jore virgerechent huet a wou en een Zeenario opgebaut huet, dee seet, datt mer misste mëttel- oder laangfristeg e Wirtschaftswuesstem vu 4% hunn, ass et esou, datt mer an de leschten zéng Joer eng Moyenne vu 5% haten.

Dat heescht, wa mer och elo emol eng kéier géifen ee Joer op 0% erofgoen, da wiere mer, bei enger Moyenne op eelef Joer gerechent, nach ëmmer bei enger Duerchschnittsmoyenne vu 4,5% Wirtschaftswuesstem. Esou datt och bei engem Abroch vun engem oder zwee Joer mer nach ëmmer déi Konditiounen, déi de BIT eis virgeschriwwen huet, géife respektéieren.

Ech géif awer och emol alleguer déi invitéieren, emol zrëckkucken ze goen an d'80er an an d'90er Joren. Do hu mer genau déiselwecht Diskussioun gefouert wéi haut. Deemools hu mer och scho gesot: An 20 Joer sinn d'Pensiounskeesen um Enn. Mir hunn dat virun zéng Joer gesot, mir hunn dat virun 20 Joer gesot a mir hunn et viru 25, 30 Joer a viru 40 Joer gesot - d'Madame Colette Flesch confirméiert mer dat -, an trotzdeem ass et ni agegratt. Au contraire, d'Reserve sinn ëmmer méi héich ginn.

Duerfir muss een et also mat Virsiicht genëssen, wann hei ëmmer Leit kommen, déi vun enger Rentemauer schwätzen a soen, mir géife voll do drannen. D'Realitéit déi lescht 20, 30, 40 Joer huet bewisen, datt dat sech ni verwierklecht huet, wat ëmmer virausgesot ginn ass. Mä dat wëllt awer net heeschen, datt mer eis doriwwer keng Gedanken ze maache brauchen. Mir musse selbstverständlech ëmmer en A op déi Pensiounskeesereserven halen.

Mir hu Sputt dran. Mir hunn ee ganz avantagéise Pensiounssystem, an et gëtt eng Rei vu Méiglechkeeten, wa mer eng kéier géife gesinn, datt déi Reserven zrëckginn, datt een do misst reagéieren. Ech wëll och drun erënneren, datt mer fréier an eisem Gesetz stoen haten, datt d'Pensiounskeese missten e Minimum vun 1,5-mol d'Joresdépenden hunn an e Maximum vun 2,5-mol, bis mer op eemol an déi Situatioun komm sinn, datt d'Reserven iwwert déi 2,5-mol d'Joresdépenden erausgaange sinn a mer am Fong net méi konform zum Gesetz waren.

Mir hätten also zu deem Zäitpunkt missen d'Cotisationsen senken oder d'Leeschtingen héijen, fir erëm ënnert déi 2,5 ze kommen. Mä mir hunn dat eenzeg Richtegt gemaach, mir hunn de Plaffong vun 2,5 aus dem Gesetz erausgeholl, esou datt mer no uewe keng Grenze méi hunn. An haut leie mer bei 3,5-mol d'Joresdépenden, wat d'Pensiounskeesen ubelaangt, wat also och ganz gutt ass.

Ech wëll awer soen, datt och Moosssname geholl gi sinn, déi d'Pensiounskeesen entlaaschten. Ech erënneren zum Beispill drun, datt mer virun enger Rei vu Joren d'Bestëmmungen, wat d'Invalidepensiounen ubelaangt, geännert hunn, esou datt d'Invalidepensiounen net méi esou llicht konnten erreecht ginn, wéi dat vläicht virdrun eng kéier de Fall war. Dat huet natierlech eng positiv Répercussioun op d'Pensiounskeesen.

Ech wëll och drun erënneren, datt déi Bestëmmung, déi mer am Gesetz stoen hunn, datt ee ka mat 57 Joer an d'Pensioun goen, wann ee bis dohinner 40 Joer geschafft a cotiséiert huet, eng Regelung ass, déi wäert mat der Zäit lues a lues ofhuelen, well et normal ass, datt haut déi Jonk méi laang studéiere ginn, iwwert déi 17 Joer eraus, an datt an enger Rei vu Joren et ëmmer manner Leit wäerte ginn, déi mat 57 Joer d'Konditiounen erfëllen, datt se 40 Joer geschafft hunn an da kënnen an d'Pensioun goen. Also och do kennt en Automatismus dran, eng Evolutioun, déi einfach haut scho Realitéit ass an déi als Konsequenz wäert hunn, datt eis Pensiounskeesen och iwwert dee Wee kënnen entlaascht ginn.

Da wëll ech och soen, datt mer am Fong iwwert de Wee vun de Pensiounskeesen zu

engem gewëssenen Deel Wirtschafts- an ech géif souguer soen Aarbechtsmaart- oder Aarbechtsplazepolitik gemaach hunn, well mer zum Beispill d'Préretaire, wou mer jo awer zu engem gewëssenen Deel aus ekonomesche Grënn Aarbechtsplazen ofgebaut hunn, wéi an der Stolindustrie zum Beispill, ech mengen et ass vun 1998 oder '99 un, am Fong ëngeswicht hunn, datt dat net méi iwwert de Fonds pour l'emploi bezuelt ginn ass, mä datt dat aus de Pensiounskeese bezuelt ginn ass, datt mer also och am Fong eng Leeschtung aus de Pensiounskeese bezuelt hunn oder nach ëmmer bezuelen, déi net onbedéngt - et kéint ee sech et virstellen - misst vun de Pensiounskeese bezuelt ginn. Mir hunn also scho reagéiert an et ass eng automatesch Evolutioun, wat den Alter vu 57 Joer a 40 Joer geschafft ubelaangt, déi do mat eraspillt.

Wann ech also soen, datt d'Pensiounen, beitragspflichteg oder am Privatesecteur, well déi zwee Rentestysteme, privat an öffentlech, si jo zënter 1999 allen zwee beitragspflichteg, also am Privatesecteur staark Ofsécherungen hunn, gutt Reserven hunn an och laangfristeg finanzéierbar sinn, esou musse mer eis awer Gedanke maachen iwwert deen zweete Volet, dat ass d'Fonction publique. Hei hu mer keng Reserven, hei mussen d'Pensiounen all Joer einfach aus dem Budget eraus bezuelt ginn.

1999, wéi mer den eenheetleche Pensiounsregime hei am Land agefouert hunn, wéi och an der Fonction publique Cotisationsen hu misse bezuelt ginn, wéi och den eenheetleche Berechnungsmodus an den eenheetlechen Ajustement agefouert gi sinn, wéi mer en neie Regime den 1. Januar 1999 ugefaangen hunn an een lwwergangsregime fir déi Leit, déi virun 1999 am Secteur public beschäftigt waren, agefouert hunn, ware mir deemools Demandeur, datt een hätt sollen zu deem Zäitpunkt och eng Pensiounskeess fir den öffentleche Secteur aféieren, an zwar fir déi Leit, déi no dem 1. Januar 1999 an d'Fonction publique schaffe gaange sinn.

Dann hätten déi Leit kënnen iwwer 40 Joer - oder 35, 40 Joer, wéi laang se da schaffen - hir Cotisationsen an eng Pensiounskeess bezuelen. Et hätt een also do kënnen am Prinzip e System vun engem Kapitaldeckungsverfahren opbauen. Mä dat ass net gemaach ginn. Mir hunn dat deemools bedauert a mir bedauern et och haut.

Mir hunn deemools gesot, datt d'Cotisation vun deene Leit, déi nom 1. Januar 1999 an d'Fonction publique komm wieren, an déi Pensiounskeess gaang wier, an och de Stat hätt seng Part, souwuel als Patron wéi als Stat kënne bezuelen - wat jo da keng enorm Zomm op eng kéier gi wier, well et wier jo nëmme fir déi Leit gewiescht, déi nei agestallt gi wieren, déi doranner bezuelt gi wieren -, an herno wieren d'Leeschtinge bei der Pensioun am ale Regime aus dem Statsbudget bezuelt ginn, an déi Leeschtingen, déi ënnert deen neie Regime falen, déi an der Regel eréischt a 35, 40 Joer géife wierken, déi wiere vun där Pensiounskeess vun der Fonction publique bezuelt ginn.

Mir hunn et bedauert, wéi gesot, datt mer déi Pensiounskeess deemools net geschaf hunn. Do wier wierklech d'Méiglechkeet gewiescht, fir och e Kapitaldeckungsverfahren laangfristeg opzebauen, an et wier och fir déi Leit an der Fonction publique eng Garantie, datt hir Pensioun laangfristeg ofséichert sinn, woubäi mer wëssen, datt elo dat vu Budgetsjoer zu Budgetsjoer muss finanzéiert ginn, a kee weess, wéi d'Statsfinanzen an den nächste Joren evoluéieren.

Mir hoffe jo alleguer nach dat Bescht. De Finanzement vun deene Pensiounen ass permanent ofhängeg vun den annuëll Budgete vum Stat, esou datt mer alleguerten Intérêt drun hätten, fir eng laangfristeg Ofsécherung vun de Pensiounen an der Fonction publique unzestriewen. Dat wier och am Intérêt vun all deene Leit, a virun allem deene méi jonke Leit an der Fonction publique.

Ech hunn dëser Deeg schonn hei beim Budget gesot, datt mir als ADR d'Iddi vum Rentesplitting opginn hunn. Mir hate se och iwwer all déi Joren an de Wahlprogramme stoen. Mir gesinn awer an, an ech menge jiddwereen, deen objektiv a fair ass, muss agesinn, datt mer do op kee grëngen Zweig kommen.

Et ass esou, datt mer dat alleguer fein ëmmer an eis Wahlprogrammen - iwwer Jorzéngte kann ee bal soen - geschriwwen hunn, awer d'Realitéit huet bewisen, an och d'Etüden hu gewisen, datt dee System net gangbar an net machbar ass, datt mer méi Ongerechtegkeeten a méi Sträit a vill méi Hongerenten doduerch géife schafen, wéi et elo am Abléck de Fall ass.

Et ass esou, datt mer sollen an eng Richtung goen, wou mer d'Individualiséierung

an der Carrière géifen ustriewen, an zwar a priori - an do ass jo de Problem - fir déi Fraen, déi doheem bleiwen, fir d'Hausaarbecht oder d'Erzéiungsaarbecht ze maachen, fir datt déi och iwwert dee Wee misste kënnen eng Carrière opbauen.

Mir hu viru Joren d'Mammerent agefouert, wat een Deel vun deem System ass, a wou mer och bei der Aféierung vun där Mammerent verlaangt hunn, datt de Stat déi hätt sollen a Form vu Cotisationen an d'Pensiounskeesen abezuelen. Da wier et e verbréiftend Recht gewiescht vun deene Fraen, vun deene Mammen, datt se eng Cotisation op hiren Numm hätten, wou se dann, wa se spéiderhi schaffe ginn, och kéinte soen, datt dat Jore vun hirer Carrière, vun hirer Versécherung waren.

Därselwechter Meinung si mer - ech wëll dat hei nach eng kéier ernimmen, well et fir eis enorm wichtig ass -, wa mer d'Chèques-services elo wëllen aféieren, datt déi och misste kënnen ausbezuelen ginn un déi Mammen oder Pappen, mä an der Regel sinn et Mammen, déi doheem d'Hausaarbecht an d'Erzéiungsaarbecht maachen. Dat wier eng Unerkennung fir déi Leit, an et géif och pensiounsméisseg hir Carrière weider ausbauen, ofsécheren, an et géif ënnert dem Stréch de Stat och méi bëlleg ginn.

Wa mer an déi Structures d'accueil ginn, ob dat Maisons relais oder Crèche sinn, da kascht eng Plaz de Stat am Prinzip 1.500 Euro de Mount Frais de fonctionnement, wann dat ofgezunn ass, wat d'Eltere fir de Placement vun hire Kanner bezuelen. D'Allgemengheet muss also 1.500 Euro de Mount Frais de fonctionnement opbréngen, ouni d'Investitiounskäschte mat ze berücksichtigen, déi an déi Strukture mussen investéiert ginn. Wa mer also hignn a mir ginn deene Mammen, déi doheem d'Erzéiungsaarbecht maachen, deeselwechte Chèque-service, dee mer deenen anere Leit ginn, da spuert de Stat ënnert dem Stréch ganz vill, well hie brauch jo fir déi keng Plazen a Maisons relais oder Strukturen ze schafen.

Déi Leit kréien eng Unerkennung fir déi wichtig Aarbecht, déi se doheem maachen, an déi Leit kënnen dann, dat soe mir, mat där Cotisation, et kann ee souguer eng Obligation doraus maachen, sech fräiwëlleg an hirer Pensiounskeess weiderversécheren a sech doduerch selwer eng Pensiounscarrière schafen. Et schéngt eis also äusserst wichtig ze sinn, datt mer ab eisen nächsten lwwerleungen dorunner denken.

Mir sinn der Meinung, datt een net kann, och bei de Chèques-services, no engem regelrechte Géisskaneprinzip virgoen, well mir fannen et net richtig, datt mer och Familljen, déi vläicht zéng oder 15 oder nach méi dausend Euro de Mount verdéngen, onbedéngt mussen déi éischt dräi Stonnen hir Kanner fir näischt versuergen a vun der véierter bis déi 24 Stonne fir dräi Euro, an eréischt doriwwer spillt de Revenu eng Roll, wat d'Taxatioun ubelaangt.

Mir sinn der Meinung, datt een do scho sollt méi selektiv virgoen an d'Geld benotze fir déi Leit, déi et wierklech brauchen. Dat sinn déi sozial Schwaach, dat sinn d'Monoparentalen, dat sinn d'RMG-Bezéier, dat sinn d'Mindestlounbezéier, datt een déi soll méi staark ënnerstëtzen a vläicht de Seuil no uewen éischer asetzen. Mir sinn och der Meinung, wann een op där enger Säit esou large virgeet, datt een dann awer onbedéngt misst och e Geste maache vis-à-vis vun deene Mammen, déi doheem bleiwen an d'Erzéiungsaarbecht selwer maachen an domadder och der Gesellschaft e groussen Déngscht leeschten.

Här President, dat gesot, mengen ech, si mer frou, wéi all zwee Joer, fir kënnen hei a voller Unanimitéit - ech ginn emol dovunner aus -, wéi dat och schonns Traditioun ass, dësem Ajustement zouestëmmen. Et ass eng Upassung vun de Pensiounen un d'Evolutioun vun de Gehälter, eng Evolutioun, déi schonn zrëckläit, déi also net als Avance, mä mat engem gewëssene Retard ugepasst gëtt. Et ass eng Augmentatioun, en Ajustement, deen déi Leit verdéngt hunn. Si kréien hei näischt geschenkt, si hunn duerfir hiert Liewe laang geschafft, si hunn hiert Liewe laang Cotisationsen bezuelt a si hunn och duerfir Recht op dësen Ajustement.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Gibéryen Merci, dee praktesch op d'Sekonn seng Zäit agehalen huet. Ganz fein! Den Här Minister, dee mécht datselwecht. Här Minister Mars Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert elo.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si

frou iwwert déi grouss Unanimitéit zu dem Rentenajustement, deen net nëmme fir den 1. Januar fälleg ass, mä och den 1. Januar fir d'Januarpensiounen wäert plangméisseg ausbezuelen ginn, well déi Programmatiounen scho virgesinn ass, esou dass et och kloer ass, dass déi Leit mat de Januarpensiounen d'Adaptatioun kréien.

Dee Rentenajustement kënnt zu deem richtigen Zäitpunkt, well e weist no baussen, dass et net esou ass, dass queesch duerch d'Land, duerch den Abroch vun der Kris, d'Kafkraaft erfogheet. Am Contraire! Fir déi Pensionéiert, fir d'Rentenempfänger wäert den 1. Januar d'Kafkraaft an d'Luucht goen, an den 1. Januar kënnen mer duerch déi heite Moosssnam och kloer no bause signaliséieren, dass ee Volet vum Sozialsystem, e Sozialsystem, deen a Krisenzäite besonnesch wichtig ass, intakt ass. Dat gëllt och fir déi aner Beräicher, mä dat ass net de Sujet vun haut.

A Krisenzäite sinn intakt Sozialsystemer duebel wichtig, well déi Schwaach vun engem gudde Sozialsystem kënnen profitéieren. Zu Lëtzebuerg gëtt et definitiv e gudde Sozialsystem, dee mer net sollen zur Verfügung stellen. De Rentenajustement ass net deen éischten. Dir hutt dat richtig ënnerstrach. 1964 hu mer deen éischte Rentenajustement gemaach, deemools mat ganz grousser Verspéidung op d'Lounentwécklung. Wann ech mech gutt erënneren, waren dat iwwer zéng Joer. Duerno si mer erfogaangen op néng Joer, sechs Joer, a mer hunn de Rythme de croisière herno fonnt mat all zwee Joer Adaptatioun vun de Renten un d'Lounentwécklung, wat eent vun den Elementer ass vun der Rentenupassung. Dir wësst, dass dat anert Element dat vun der Indexéierung ass. Engersäits ginn also d'Pensiounen un d'Präisentwécklung adaptéiert, an anerersäits gi se, mat e bësse Verspéidung, un d'Lounentwécklung adaptéiert.

Elo ass et esou, dass regelméisseg d'Forderung opkomm ass, fir déi Adaptatioun am Joresrythmus ze maachen, wat awer net esou evident ass, well een no dem Ofschloss vun engem Joer, fir d'Lounentwécklung wierklech kënnen ze moossen, eng gewëssen Distanz muss hu vun enger hallwer Dose Méint, fir dat da verlässlech kënnen ze maachen. Et kéint ee selbstverständlech op Virschëss opbauen, mä dat ass awer net dee richtige Wee. Wann eng kéier keng Lounentwécklung géif erauskommen, wat jo net onméiglech ass, da misst rembouriséiert ginn.

Dir wësst, dass och eng kéier mam Zweejoeresrythmus gebrach ginn ass. Dat war bei deem leschten Ajustement, deen an zwou Tranchen an och mat engem Décalage ausbezuelen ginn ass. Dat war d'Contributioun vun deene Pensionéierten un deem Gesamteffort, fir d'Statsfinanzen an d'Rei ze bréngen an hat och, dat muss een esou soen, e positiven Impakt op de Statsbudget, awer och op d'Pensiounskeesen, esou dass et net esou ass, dass iwwerhaapt keng Efforten an deem heite Beräich gemaach gi wären.

Et ass elo net den Zäitpunkt, fir eng fundamental Diskussioun iwwer all d'Elementer vum Pensiounssystem ze féieren. Et soll een awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir eng Rei vun Aussoen ze nuancéieren an eise Pensiounssystem an dat richtegt Liicht ze stellen. Ech wëll soen, dass kaum eng kéier virdrun de Renteregime, de Pensiounssystem an enger besserer Verfassung war wéi haut, wéi de Moment, also an där aktueller Situatioun.

A wann ee seet, mir hätten an dëser Period näischt gemaach, wat d'Pensiounen ugeet, da wëll ech just drop hiweisen, dass et richtig ass, dass mer näischt Negatives gemaach hunn, mä dass mer awer e ganze Koup Positives gemaach hunn, well mer d'Gesondheet vum Pensiounssystem ganz drastesch verbessert hunn. An och dat, mengen ech, därf een als eppes Positives an Evidenz setzen, wann e Pensiounsregime no enger Legislaturperiod dättelech besser drun ass wéi am Ufank vun där Legislaturperiod, e Rentestem besser drun ass - besser drun ass! - wéi zu deem Zäitpunkt, wou mer de Rentendéisch gemaach hunn a massiv Moosssname beschloss hunn. Haut ass déi Situatioun vum Pensiounsregime dättelech besser wéi 2002.

Ech kommen op d'Parameteren zrëck, wou een dat jo ka moossen, wou mer der Meinung waren, dass d'Situatioun esou exzellent war vun deem Pensiounsregime, dass mer eis konnte massiv Verbesserungen erlaben. Ech sinn och haut nach der Meinung, dass de Gros vun deene Verbesserung gutt waren, dass mer bei eenzelne Verbesserung vläicht iwwert d'Zil erausgeschoss hunn an eis däers och scho bewosst waren, well - an de fréiere Sozialminister, deen d'Stellung viru mir gehalen huet, dee

weess dat - deemools festgehalen ginn ass, dass, wann d'Situatioun méi schlecht géif ginn, een déi dote Moossname réckgänge kéint maachen.

Ech wëll also soen, dass et eng Welt ass, déi op der Kopp steet. Wann e Rentensystem besser drun ass wéi zu engem Zäitpunkt, wou een eng massiv Verdeelung gemaach huet, da kritt een ënnerschoben, dass de Rentensystem misst wesentlech verännert ginn an dass een aus der Héft quasi Moossname maache misst, fir déi Situatioun ze veränneren.

Déi, déi dëser Regierung de Reproche maachen, dass se net genuch gemaach hätt bei de Pensiounen, déi solle mer wann ech gelift soen - well ech duerchaus bereet sinn, fir weider Schrëtt fir d'Ofsicherung vun eise Pensiounen ze maachen -, wou se dat a wéi se dat wëlle maachen a wat se wëlle maachen. Well bei engem Pensions-system gëtt et keng 100 Moossnamen, déi ee ka maachen, fir d'Situatioun vun engem Pensionsystem nach méi laangfristeg ze verbesseren.

Do gëtt et d'Méiglechkeet vun de Cotisationserhéijungen oder de Leeschtungsver-schlechterungen. Do gëtt et d'Méiglechkeet vun der Erhéijung vum Pensionsalter. Do gëtt et d'Méiglechkeet, fir aner Finanzie-rungsmodeller ze sichen, wou ee sech dann awer muss froen: Wat sinn déi Modeller? Well et vu Finanzierungsmodeller net vill anerer gëtt, wéi Beiträg duerch Taxen oder duerch Steieren ze ersetzen. Dat heescht, ech géif gär wëssen, wou dës Regierung hätt missen an dëser Period eppes maachen: Bei de Beiträg, bei de Steieren, beim Pensionsalter, bei de Leeschtungen? Dat sinn déi véier Punkten, déi dës Regierung hätt kënne beaflossen.

» **M. le Président**.- Här Minister, déi véier Punkten do zitieren hei bei der grén-ger Fraktioun zwou Froen erbäi, eng vum Här Braz an eng vum Här Bausch.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- Ah majo, selbstverständlech, déi sinn häerzlech wëll-komm.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG)**.- Här President, ech wëll den Här Minister froen, wann hie mat mer d'accord ass, dass déi niddreg Lounniewekäschten zu Lëtze-buerg e wichtegt Standuertargument waren, an hien och weess, dass mer déi niddreg Lounniewekäschten zum Beispill bei de Pensionsfraisé fir d'Entreprises oder fir d'Salariéen nëmme kënne garantéieren do-duerjer, dass mer de facto zu Lëtzebuerg d'office een Drëttel fiskaliséiert hunn, dat heescht iwwer Steieren erabezuelt hunn, a wann hie weess - dat wësse mer jo entre-temps alleguer heibannen -, dass d'Steieren an deenen nächste Jore manner héich wäerte si wéi se an deene Jore virdru waren, da muss hie mer awer kënnen op d'Fro änt-werten, da muss d'Regierung awer och am-gaange sinn, sech Gedanken ze maachen, wéi se deen Drëttel Fiskalisierung an Zu-kunft wëllt finanzéieren.

Ech mengen, dass et duerfir awer vläicht un der Zäit wär fir eng Regierung, déi respons-abel wär, fir sech iwwert deen Drëttel e bësse méi Gedanken ze maachen. An do wéisst ech gär vum Minister, wéi wäit d'Ge-danke bis elo gaange sinn.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- Merci fir déi dote Fro. Mir maachen eis extrem vill Gedanken.

Mir hu virun annerhallwem Joer vun der Tri-partite den Optrag kritt, fir eng Tripartite-Aarbechtsgrupp anzusetzen, fir Propositionen ze maachen, fir d'laangfristeg Viabilitéit vun eise Pensiounen ze garantéieren. Déi Tripartite-Sitzung ass x-mol zesummekomm a wäert Propositionen a Pisten Enn Januar 2009 virleeën, rechtzäiteg also, fir och de Parteien d'Geleeënheet ze ginn, fir sech ze positionéieren an hire Wahlprogrammer, an och als Basis zu deenen Diskussiounen, déi net dann um rengen Tripartiteplang ge-fouert ginn, mä och mat de politesche Kräfte gefouert ginn, fir laangfristeg Schrëtt ze huelen, fir déi Pensiounen ofzeséche-ren.

A mir maachen ëmmer esou an dësem Haus an op anere Plazen, wéi wa mer ver-schiddener Meinung wären iwwert d'Of-sicherung vun de Pensiounen. Dat si mer net!

A mir maachen ëmmer esou, wéi wann hei am Land keng Bereitschaft do wär, wann d'Challenges op eis zoukommen. Mir maachen ëmmer esou, wéi wa mer näischt wëlle maachen.

Alleguer déi Perspektiven, déi mer virge-zeechent kréie vun der OECD, déi och wid-derholl gi vu Kräften hei zu Lëtzebuerg, déi

ginn dovun aus, dass mer an deenen näch-sten 20 Joer, an deenen nächsten 30 Joer näischt maachen. An dat ass jo absolute Kabes!

Eis Pensionssystemer sinn um Émlagever-fahren opgebaut, a mir hunn eis net fir näischt e System ginn, wou mer am Siwe-joresrhythmus kucken, wéi d'Stäerkten a wéi d'Schwächte si vun deem dote System.

Dat hu mer fir d'lescht 2005 gemaach a mer hu festgestallt 2005, dass déi Keesen am Moment - am Moment! - vu Gesondheet strotzen, mä dass eng ganz Rei vun Eraus-fuerderungen op se zoukommen, a fir déi Erausfuerderungen opzefänken, hu mer eis en Aarbechtsgrupp ginn, wou d'Sozialpart-ner zesummesetzen a wou se déi Eraus-fuerderunge kloer definéieren a Pisten de-finéieren, wéi mer kënnen aktiv ginn.

An ech soen lech et nach eng kéier: Et ass net esou, dass dës Regierung oder iergend-eng aner Regierung oder eng Parlaments-mehrheet oder d'Sozialpartner net bereet wären, fir déi Moossnamen, déi sech opdrängen, ze huelen. Mä déi soll ee mat roueger Hand a mat kalem Kapp maachen, an et soll ee kucken, dass een dat Richtegt mécht fir de Lëtzebuurger System, a sech net inspiréiere bei deene Rezepten, déi am Ausland Brochlandung gemaach hunn.

Ech explizéiere mech. Wann déi auslän-nesch Systemer vun den auslänneschen Experte mat darselwechter Rigueur analy-séiert géife gi wéi eisen, a mir un de Pran-ger gestallt géife ginn, ma da missten all déi aner Länner agespaart ginn. Well déi hunn nämlech net 3,5-mol d'Joresausgaben u Reserven. Déi hunn e puer Deeg Reserven!

Da misst een deene soen, Dir zitt net nëmme Schecken op d'Zukunft, mä Dir zitt scho Schecken op de Présent.

Duerfir muss ech lech soen, déi „deux poids, deux mesures“, déi geholl ginn, fir e System ze apprécieiere wéi eisen, déi gi mir op d'Strëmp, a mir wieren eis och dergéint, well dee Procès d'intention, dee mer ge-maach kréien, dass mer eis net bewegen, dee weisen ech zrëck, net nëmme am Numm vum Sozialminister an net nëmme am Numm vun der Regierung, mä vun alle Leit, déi an dëser Chamber sëtzen, déi ëm-mer bewisen hunn, dass, wann Erausfuer-derungen do sinn, si déi opgehall hunn. Ech wollt dat awer eng kéier ënnersträichen, well dat e wichtige Facteur ass.

An ech wëll...

» **M. le Président**.- Dat ass och gutt, Dir braucht lech awer net ze emportéieren, Här Minister.

(Hilarité)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- Majo, dat ass ebe mäin Temperament, a wann ech net méi esou wär, da wär ech net méi ech.

» **M. le Président**.- Gutt.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- Sou, wann dat dem President besser gefällt, dann huelen ech meng sonore a roueg Stëmm erëm...

(Interruptions)

...an ech wollt dann dorop hiweisen, ech wollt da beleeeën, firwat dass déi Keesen haut besser dru si wéi virum Rentendësch, an dass, wann een déi Logik do géif vi-ruféieren, dass mer haut besser dru si wéi virum Rentendësch, dass een erëm zousätzlech Moossname misst huelen, fir dobaussen d'Leit ze beglécken, mä dat ass och e wesentleche Changement vun der öf-fentlecher Meinung vis-à-vis vum Renten-dësch, dass haut keen dat verlaangt, dass eng Bewosstsäinsbildung do ass, dass mer de Bou net kënnen iwwerspanen.

E puer Beispiller,...

(Interruption)

...déi dorop hiweisen, dass mer eis zolidd verbessert hunn: Am Joer 2004, dat heescht, wéi de Rentendësch seng Wier-kung gewisen huet, do hätte mer 22,1% Beiträg gebraucht, fir d'Joresausgaben ze finanzéieren. Am Joer 2008, also no véier Joer, brauche mer nach 19,5% Beiträg. Mir hunn haut 24% Beiträg zur Verfügung.

Ech géif gär vum Kolleeg Braz wëssen, ob mer an där doter Situatioun sollen d'Beiträg senken? Ech muss feststellen, dass do-bausse keng Velléitéite sinn, fir déi Beiträg ze senken, an dass dat och eng gutt Saach ass, well dat eng responsabel Haltung weist vun de Betriber, vun de Salariéen a vum Stat, déi gläichméisseg mussen dozou bäi-droen, dass mer Reserve kënnen uleeën.

» **M. le Président**.- Här Minister, den Här Braz huet och keng Velléitéit, fir op Är Fro ze äntwerten.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG)**.- Neen, ech wollt dem Här Minister just eng Fro stel-len, mä hien huet se virdru schonn deelweis beäntwert.

» **M. le Président**.- Jo, dann ass et jo gutt.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG)**.- Neen. Deen Discours, deen Der elo hei haalt, dee grenzt sech vun deem of, wat Der de Moien zum Deel gesot hutt a wat Der an der Cham-ber och scho bei aneren Debatte gesot hutt.

» Aus Ärem Discours vun haut de Mëtteg geet scho weinstens deelweis ervir, dass Der d'Aen net komplett wëllt virdrun zou-maachen, dass Handlungsbedarf besteet. Mä de spréngende Punkt, Här Minister, ass - an Dir hutt elo en Datum genannt -, dass Der gesot hutt, dass Der all déi Zuelen, déi un deem verklengerten Rentendësch 2 um Dësch leien, wou eenzel Participantë vun deenen Diskussiounen soen: Do läit scho laang relativ vill um Dësch, net wëllt public maachen.

Mir fuerderen lech eraus: Leet da Mëtt Januar alles dat op den Dësch, wéi Der et versprach hutt, wat op den Dësch soll geluecht ginn! Da kënne mer endlech alleguerten en parfaite connaissance de cause eis positionéieren. Och Dir als Minister kënnt erklären, wéi Der mat deenen Zuele wëllt ëmgoen, an da ka jiddweree sech positionéieren.

Bis dohinner wär et gutt, wann Dir zumin-dest keng Fro géift stellen, mä et géift nor-mal fannen, wann d'Parlament lech d'Froe stellt. Leet déi Zuelen op den Dësch an da schwätze mer driwwer!

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- Här Pre-sident, wann den Deputéierte sech d'Méi géif maachen, fir déi regelméisseg Rappor-ten, déi erauskommen, déi och öffentlech sinn, vun der IGSS nozekucken,...

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG)**.- Genee dat mécht hien! Dofir kann dat, wat Dir sot, net stëmmen.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- ...da géif hien...

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG)**.- Well dee sot aner Saache wéi Dir.

» **M. le Président**.- Kommt, Här Braz!

(Interruption)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- Also, ech verstinn net, firwat dass dee grénge Deputéierte bei néng Milliarde Reserven, bei der gesenkter Prime de répartition - dat heescht Beiträg, déi mer brauchen -, bei enger méi klenger Zuel vu Pensionéierten, déi op 100 Aktiver kommen, onbedéngt wëllt, dass mer aus der Héft eraus negativ Moossnamen huelen! Dofir gëtt et am Moment kee Grund.

Mir hunn ni en Heel doraus gemaach an op eng ganz Rei vu Question-parlementaire geäntwert, wat fir eng Démarchen dass mer huelen, dass mer Enn Januar déi Chifferen op den Dësch leeën. Ech hunn an der Sozialkommissioun ugebueden, fir virun d'Sozialkommissioun ze kommen! An Dir kommt nach mat Zäit zum Zuch, fir lech kënnen ze äusseren, wat Dir dann elo gär hätt, dass mer solle maachen: Beiträg héi-jen, Leeschtunge senken, de Pensions-alter an d'Luucht setzen, oder Betriber be-steieren, déi am Moment keng Steiere méi ofwerfen?

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG)**.- Här Mi-nister?!

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- Also, ech wëll just soen, dass een net en duebele Langage hei kann halen.

» **M. le Président**.- Här Braz, et ass alles gesot. De Minister huet net vill Zäit. Loosst him elo seng Zäit, fir seng Ausféie-rungen ze maachen.

(Interruption)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- Ech hunn eppes dergéint, dass een en duebele Lan-gage gebraucht, dass een op där enger Säit seet: Mir si fir den Ajustement a mir si fir all Moossnamen, déi d'Keese méi belaa-schten, a gläichzäiteg hätte mer gär, dass d'Re-gierung negativ Moossname soll huelen.

Ech verflachte mech hei virun der Chamber, mat de Sozialpartner, zesumme mat de poli-tesche Parteien dat ze maachen, wat nout-wendeg ass, dass och eis Kanner anstän-neg Pensiounen behalen. Dir hutt gesot, Dir hëllef mat. Är Hëllef ass wëllkomm.

(Interruption)

Ech war awer nach net fäerdeg.

» **M. le Président**.- Loosst de Minister säi Rasonnement fäerdeg maachen, da kritt Dir d'Wuert nach eng kéier, Här Braz.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- Wann ech mat mengem Rasonnement fäerdeg sinn, därft Der mer all d'Froe stellen, déi Der wëllt, mä da bleiwen net méi vill Froen.

Ech wollt drop hiweisen, dass mer zum Zäit-punkt, wéi mer de Rentendësch gemaach hunn an der Meinung waren, dass eise Pensionsssystem an esou enger gudder Form wär, dass mer an engem Joer kéinten d'Ausgaben ëm 10% héijen, dass deemools d'Reserv bei dräimol d'Joresausgabe louch. Dat heescht, bei dräimol d'Joresausgaben hu mer gemengt, de Gesondheitszoustand vum Pensionsssystem wär esou gutt, dass mer kéinte massiv verdeelen.

Da wëll ech lech soen, dass haut, 2008, d'Reserven um Niveau vun 3,6-mol d'Jores-ausgabe sinn. Dat heescht, dass de Ge-sondheitszoustand vun eise Pensions-keese wesentlech besser ass.

An da wëll ech drop hiweisen, dass 2003 - wéi mer der Meinung waren, dass d'Situa-tioun vun eise Pensionskeesen esou gutt wär, dass mer déi Moossnamen alleguer kéinten huelen - 41 Pensionéiert op 100 Leit, déi schaffen, komm sinn. An dësem Joer sinn et der nach 39. Dat heescht, also och déi Charge vu Pensionéierter op Aktiver huet sech an deene véier Joer, wou dës Re-gierung jo näischt gemaach huet, weider verbessert. Ech hunn dofir haut dov u prof-itéiert, fir déi Reprochen ze nuancéieren, déi sech un d'Regierung riichten, si hätt näischt gemaach.

Jo, ganz richtig, mir hunn näischt Negati-ves gemaach! Mir hunn de Pensionsalter net gehéicht. Mir hunn d'Beiträg net gehéicht. Mir hunn d'Leeschtungen net ge-kierzt. Mä mir hunn zousätzlech Reserven ugeluecht. Déi Reserven, déi mer brauchen. Mir brauchen nach vill méi Reserve wéi déi doten, fir d'Erausfuerderunge vun der Zu-kunft kënnen opzehuelen.

Mir gebrauchen hei keen duebele Langage. Mir soen de Leit wéi d'Situatioun haut ass, wat d'Erausfuerderunge muer sinn a wat mer zesumme mussen upaken, fir dass d'Pensiounen sécher bleiwen.

» **M. Carlo Wagner (DP)**.- Här Presi-dent, wann ech gelift!

» **M. le Président**.- Här Minister, Äre Virgänger, den honorabelen Här Wagner, wëllt lech eng Fro stellen.

» **M. Carlo Wagner (DP)**.- Merci, Här President. Ech muss soen, ech vollzéien dat Rasonnement vum Här Minister 100%eg. Dat ass och dat, wat mer eis deemools um Rentendësch 2002 fir d'Zukunft ausgere-chent haten.

Mä ech hunn eng aner Suerg. Bei lech an der Regierung, ass do den Thema Rente-mauer endgültig vum Dësch, oder wéi?

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**.- Wësst Der, Här Wagner, Dir waart och an der Re-gierung. An et schéngen net all d'Leit an der Regierung gewiescht ze sinn; net bei lech an net bei eis. Et ass dat, wat ech dozou wëll soen.

Ech stinn zu deem, wat ech soen. An ech stinn och zu deem, wat Dir sengerzäit an de Konklusiounen vum Rentendësch gesot hutt. Dir hutt gesot, dass mer op déi Moossname vum Rentendësch missten zrëckkommen, wann d'Reserven eng kéier op manner wéi 1,5-mol d'Joresausgaben zrëckgaange wären. Gutt. Och dat erëm eng kéier als Pa-rameter.

Deemools ass gemengt ginn, Handlungs-bedarf wär, wa mer ënner 1,5-mol d'Jores-reserven zrëckgaange wären. Haut si mir der Meinung, dass den Handlungsbedarf schonn do ass bei 3,6-mol d'Joresreserven. Dat heescht, do ass an der Mentalitéit eng Evolutioun komm, déi méi wäit no vir kuckt wéi sengerzäit.

Ech weess, dass ech net méi vill Zäit hunn, dofir maachen ech dat och ganz kuerz. Ech

wëll soen, dass de Finanzement vum Ajusement duerch d'Beiträg geséchert ass. Ech wëll bestätegen, dass mer an deenen nächste Méint wäerte Kenntnis huele vun deene Konkusioun vum Tripartite-Aarbechtsgrupp.

Ech wollt just nach zwee Wieder soen iwwert deenen anere Projet, deenen e wichtege Projet ass, dee méi Kohärenz an eise Pensiounssystem erabréngt, well en eng Rei vun Électrons libres an de Régime général mat erabréngt.

Ech wollt och dem Paul-Henri Meyers op seng Fro äntwerten, ob d'aktuell Interpretatioun vum Artikel 173, Alinea 3 duerch dat Gesetz hei hypothekéiert ass. Ech kann dem Paul-Henri Meyers soen, dass et net hypothekéiert ass.

Ech wollt just nach soen, dass duerch déi Upassung vun der Mammerent, der Selektivitéit oder Netselektivitéit vun der Mammerent, un d'europäesch Rechtslag, dass do kéinten an der Theorie 5.000 Frae betraff sinn, dass mer missten an der Theorie, wa se alleguer géifen dorop Ussproch erhiwen, mat Méibelaaschtungen ëm néng Milliounen Euro rechnen. Mä dat si ganz theoretesch, hypothetesch Analysen.

Ech wëll och soen, dass déi Fro vum Paul-Henri Meyers, ob mer kënnen driwwer nodenken, fir d'Mammerent an Zukunft net beim effektiven, mä beim legale Rentenalter spillen ze loossen, dass dat effektiv eng Iwwerleeung ass, déi een a Rou mat allen Implikatiounen soll féieren.

An deem Sënn wëll ech der Chamber en härezeche Merci soe fir déi Unanimitéit beim Rentenajustement, dee mer alleguer dann de Pensionéierten an den Unfallrentenempfänger vum 1. Januar u gënnen.

Villmools Merci!

» **M. le Président.** - Här Minister, erlaabt Der nach eng Fro vum Här Braz?

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Selbstverständlech.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här Minister. Dir hutt jo de Moien, ech weess net, eng hallef Dose Mol dovunner Gebrauch gemaach...

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Dir däreft elo esou vill froen, wéi Der wëllt, wann ech vum President keng...

» **M. le Président.** - Neen, neen, esou geet dat net. Här Braz, stellt elo Är Fro an da schlësse mer of.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Ech maachen et kuerz.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Da kréien ech awer Parole après député.

» **M. le Président.** - Här Braz, stellt elo Är Fro, wann ech gelift.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Just zwou Remarquen. Déi éischt, Här Minister, fir nach eng Kéier ze soen, dass mir net domat d'accord sinn, wann Dir den Zoustand vun de Reserve gläichstellt mat eisem Pensiounsregime. Esou einfach ass et net. Dat ass ëmmer nëmmen een Deel vun där Diskussioun, an Dir beschränkt lech déi ganzen Zäit dorop ze soen: Dat sinn d'Reserven, ergo ass alles an der Rei.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Dat ass Kapital, wat mer op d'Säit geluecht hunn.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Déi zweet Remarque. Dir verweist drop, Här Minister, dass de Ratio tëscht den Aktiven an de Beneficiäre sech d'lescht Joer positiv entwéckelt huet. Dat ass awer net zréckzuféieren op Mesuren, déi an Ärem Haus geholl gi wieren. Dat ass zréckzuféieren op d'Entwécklung vun der Wirtschaft, a mer wëssen elo schonn, dass et 2009 zum Beispill aller Wahrscheinlechkeet no anescht wäert sinn. Dorop kënnen mer eis also net baséieren, fir laangfristeg ze behapten, et wier keen Handlungsbedarf.

Drëtten Punkt. Dir hutt eis d'Fro gestallt, Här Minister, wat mir da wëlle maachen, d'Cotisationsen erhéien oder d'Leeschungen kieren. Meng Fro un Iech ass: Beschränkt sech Är Fantasie an deem dote Beräich op déi zwou Mesuren? Eis net. Mir kënnen eis aner Mesurë virstellen, wéi nëmmen déi dofen.

Véiert Remarque, fir Iech ze soen, Här Minister, soubal déi Zuelen dann um Dësch leien - well dorëms geet et, dass Dir déi zouen Diere vum Rentendësch 2 opmaacht a jiddwereen a Kenntnis setzt vun deem, wat do vun Zuelematerial existéiert -, da si mir als gréng Fraktioun mat an der éischter Rei, fir derfir ze suergen, dass de Rentensystem laangfristeg kann ofgeséchert ginn. Wann et dorëms geet, dass mer eis Aen zoumaache bis zu de Wahlen op deenen dote wichtege Froen, da wäerten DÉI GRÉNG och an der éischter Rei stoen, fir dat ze dénoncéieren.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, ech probéieren da ganz kuerz ze sinn. Ech wëll just drop hiweisen, dass d'Reserven e Kapital sinn, dat mer fir d'Zukunft uleeën. Et ass eigentlech d'Kapitaliséierungsstandbeen fir eise Regime, deen nom Émlageverfahren opgebaut ass, an dass ech selbstverständlech eis Pensiounsregime net nëmmen un der Reserv moossen.

Dat Zweet, wat den Här Braz gesot huet, ass carrément falsch, dass d'Regierung näischt domat ze dinn hätt, dass d'Belastung vun deene Pensionéierte par rapport zu deenen Aktiven zréckgaange wär. Dat ass falsch, well des Regierung d'Neiregelung vun der Invaliditéit och zesumme mat hire Virgänger gemaach huet, wou d'Leit vill manner schnell aus dem Aarbechtsmaart ausscheede wéi bis elo. Den Duerchschnittsalter vum reelle Pensiounsalter ass an deene leschte puer Joer vu 57 op 59 Joer eropgaangen. Dat dréit dozou bäi, dass de Coefficient de charge zréckgeet. Et ass also wuel eng politesch voluntaristescht Aktioun gewiescht, déi ech mer ganz gär deele mat mengem Virgänger, dem Carlo Wagner, well hien et preparéiert huet, an ech hunn et finaliséiert an a Kraaft gesat.

Duerfir kommt mer also net, dass d'Regierung näischt domadder ze dinn hätt!

Moossnamen? Wësst Der, wann Dir an der Verantwortung sidd, an dat sidd Dir um nationale Plang net, da geet et net nëmmen duer fir ze soen, et misst een eppes anescht maachen, da muss een och mat konkrete Propositionen kommen. Ech hu gesot, wat mer gemaach hunn, fir de Regime ze verbesseren: Do waart Dir net dru bedeelegt.

Merci.

» **M. le Président.** - Här Minister, et ass alles gesot. Merci. Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun deenen zwee Projeten. Mir stëmme fir d'éischt of iwwert de Projet 5941.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5941 et dispense du second vote constitutionnel

Déi animéiert Debatten hunn net verhënnert, dass de Projet de loi 5941 eestëmmeg ugeholl ass mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marcel Oberweis), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ass d'Chamber d'accord mat der Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir stëmmen dann of iwwert de Projet 5839.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5839 et dispense du second vote constitutionnel

Och dëse Projet ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par Mme Christine Doerner), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Diskussioun iwwert d'Ofännerung vum Wahlgesetz. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Marco Schank.

2. 5859 - Projet de loi portant modification

1. de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

2. de la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

» **M. Marco Schank (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee virleiende Projet de loi ass de 25. März vun dësem Joer vum Innenminister déposéiert ginn. De Statsrot huet zwee Avisen dozou formuléiert. Een éischten den 11. Juli dëst Joer, en zweeten den 9. Dezember, dat war virun enger Woch. D'Commission nationale pour la protection des données huet den 28. Oktober 2008 een Avis erageeicht, an an der Chamberkommissioun hu mer eis eng éischte Kéier an enger Réunioun vum 18. Juni dëst Joer mam Text befaasst. An de Reunioun vum 9. a 16. September hu mer eis mam Avis vum Statsrot auserneegesat, an de 27. November respektiv den 2. Dezember hu mer eng Rei Amendementer ugeholl, wéi scho gesot, déi den 9. Dezember vum Statsrot aviséiert goufen. Den 11. Dezember huet dann d'Chamberkommissioun dësen Avis complémenteaire ënnert d'Lupp geholl a mir hunn och de virleiende Rapport guttgeheescht.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, wourëms geet et elo bei dësem Projet de loi?

Mä mat dësem Text änneren a complétiere mer engersäits d'Wahlgesetz an anerersäits den Artikel 35 vum Gesetz iwwert de Referendum. Dat ofgeännert Wahlgesetz vum 18. Februar 2003 ass déi éischte Kéier bei de Chamber- an Europawahlen 2004, den 13. Juni, zum Asaz komm respektiv e Joer méi spéit och bei de Gemengewahlen.

Dat, wat mer elo änneren, resultéiert enger-säits aus der Experienz vun deene Wahlen,

mä awer och aus dräi Propositionen de loi, am Kontext Loi électorale. An zwar déi éischt Proposition de loi 5575 vun der Madame Err an dem Här Fayot, déi Proposition, déi virgesinn huet, den Délai d'inscription vun den Netlëtzebuerger op de Wahllëschten ze verlängeren an d'Residenzdauer vu fënnf op zwee Joer erfrozesetzen. An dann als Zweet och d'Gesetzespropositione 5668 a 5669 vun der Madame Brasseur, mam Zil, d'Prozedur fir den Envoi vun de Convocatiounen fir d'Wahle respektiv de Referendum méi einfach ze maachen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer e kuerze Réckbléck op de Verlauf vun dësem Projet, vun der Virgoensweis zënter sengem Dépôt. Wéi de Regierungsrot am Februar dësen Text guttgeheescht huet, war festgehale ginn, datt e soll zesumme mam Gemeengegesetz evakuéiert ginn, well déi zwee Texter eendeiteg eng Complémentaritéit opgewisen hunn. De Statsrot huet dës Meinung awer wuel net gedeelt, well hie säin Avis fir d'Wahlgesetz am Juli dëst Joer schonn ofginn huet, deen zum Gemeengegesetz awer eréischt dee leschte 25. November.

A sengem Avis zum Wahlgesetz, also den 5859, huet déi héich Kierperschaft sech dofir ausgeschwat, verschidden Dispositiounen zu de Gemeengeconseilleren erauszehuelen a se am Gemeengegesetz, also am 5858, ze verankeren. A sengem Avis zum Gemeengegesetz vum 25. November huet de Statsrot sech ganz décidéiert an eben och formell géint d'Prozedur opposéiert, fir de Buergermeeschter an d'Schäfte vun de gewielte Kandidaten stëmme ze loossen - dat ass déi berühmte „Assemblée des élus“, wéi se ursprüngelech virgesi war -, an dat ouni eng Proposition de texte ze maachen. Folglech muss dësen Text - do ware mer eis alleguerten eens an der Kommissioun - reconsidéiert ginn, wat natierlech dann erëm eng laangwiereg Geschicht gëtt, a wat een net soll an och net däreif iwwert de Knéi brieche.

Engersäits konnt d'Chamberkommissioun dem Statsrot seng Argumentatioun novollzéien a war doduerch et averstanen, fir déi Dispositiounen, also alleguerten déi, déi mat de Gemengen zesummenhänken, aus dem Projet vum Wahlgesetz erauszehuelen. Op där anerer Säit ass et awer néideg, datt d'Wahlgesetz fir den 1. Januar 2009 a Kraaft trëtt, an duerfir soll dann elo aus deenen Artikelen, déi den „Livre III.-Des corps communaux et des élections communales“ sollen ofänneren, ee separaten Text gemaach ginn. Dëst virun allem am Kontext vun der Problematik vun den Incompatibilitäten.

Ech hu gesot, mir brauchen dëse Projet esou séier wéi méiglech. Do ware mer eis an der Kommissioun eens, well déi wichtegst Ëmännerung déi ass vun der Réouverture vun de Wahllëschten, fir eben den Netlëtzebuerger d'Méiglechkeet ze ginn, sech op dëse Lëschten anzeschreiwen, notament fir d'Europawahlen de 7. Juni 2009. Derbäi kënnt, datt eng entsprechend Sensibiliséierungscampagne schonn a Virberedung ass vun deem zoustännege Ministère, an et eben och wichteg ass, datt genuch Zäit bleift, fir mat Hëllef vun där Campagne ze sensibiliséieren, esou datt déi och hir Frichten dréit.

Derbäi kënnt, datt d'Wahlgesetz och misst fir den 1. Januar 2009 a Kraaft trieden, well duerch d'Nationalitéitgesetz eng Partie Leit, ab deem Dag, Lëtzebuerger gi respektiv müssen d'office op de Wahllëschte vun de Gemengen ageschriwwen ginn. Ech erënnere do just un den Artikel 1 vun eben deem Nationalitéitgesetz, wat mer viru kuerzem gestëmmt hunn, Paragraph 5, dee seet, datt ee Kand, dat vun net Lëtzebuerger Elteren zu Lëtzebuerg gebuer ass, Lëtzebuerger ass, wann ee vun deenen zwee um Territoire vun eisem Land gebuer gouf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer kuerz opzezielen, wat déi wichtegst Punkten an dësem Gesetzestext sinn. Et sinn der insgesamt siwen. Siwe Schwéierpunkten, insgesamt éischter méi technesch Ännerungen.

Dat éischt, a wuel dat Wichtigst, ass d'Verlängerung vun der Aschreiwungsfrist fir Netlëtzebuerger op de Wahllëschten. Ech mengen, datt déi Neierung wierklech wesentlich ass fir eben d'Ressortassanté vun den aneren EU-Memberlänner, déi sech op d'Wahllëschte fir d'Europawahlen aschreiwe wëllen, respektiv fir d'Auslänner, déi sech op d'Leschte fir d'Gemengewahlen aschreiwe wëllen. Dës Délaie ginn elo bis den 13. Freideg virun de Wahlen verlängert, dat heescht ëm ronn dräi Méint. D'Leschte ginn de 86. Dag virun de Wahlen provisoresch arrétéiert. Da leie se aus bei de Gemenge bis den 79. Dag, an 72 Deeg virun